# Schëffleng e'ert d'helden vum streik

we' se eso' gudd an trei patriote woren. So' we' den hèr Bosseler matt le'wt a vere'erong vun séngem virgänger a séngen arbechter geschwat huet, grad eso' hèrzlech muss och d'verhältnes tëschent dem hèr Koener a séngen ënnergiéwene gewiéscht sin.

Nodém den hèr Netgen am numm vun den arbechter fir de' higerîcht helde sche' wirder fond hat, huet den Albert Wingert geschwat: We se op Hinzert ko'men, we' se so' stârk woren a we' se als männer e sche'nen do't haten. Hié konnt de' richteg stëmmong schafen, well hién de' lescht wirder mam Adam a mam Biren geschwat huet. Hién, dé selwer zu Hinzert net gezéckt huet, fir de schrecklechen Iwan op de buedem ze jummen, hién huet eis gesot, wat de' gefängen vun dénen aneren natio'nen en he'ge respect haten virun dém klenge Letzeburg, dat als e'scht eng grève générale an Europa gemâch huet.

An du, ponkt sex auer we' démols, huet e komerod, dén och derbei gewiéscht wor, de schlëssel un d'tut gehângen. O, et wor en erhiéwende moment. Alles kîrchestëll an dénen immensgro'ssen halen. Ennen dé grapp voll mënschen, de' a verbassener trauer dostinn, ronderëm wuchteg eisegerüster a kranen, rieseg maschinnen, de' stëllstin, we' wann s'och trauere wëllten iwert de' drei, de' hei geschafft hun, an de' haut net me 'sin. D'maschinne sti stëll, we' se virun drei jor stëllsto'ngen, well se dem Preiss weise wollten, datt alles sech hei opgebémt huet ge'nt de' satanesch vergewaltegong. An an de' gro'ss ro' eran erschalt de we'e krésch vun der sirène; de krésch, dé virun drei jor zu New York, zu London an zu Moskau gehe'ert gin ass. E gét engem duerch muerg a schank. Mir stin do, mer neipen de kapp a mer denken zréck un de', de' hirt liéwen geaffert hun fir Letzeburg a séng jongen. D'musek spillt d'sonnerie aux morts, an dann ass et eriwer. Mer gin all eraus o'ni ze schwetzen. Dénen engen hir gedanke si nach bei déne komeroden, de' mer haut gee'ert hun, de' aner denke vleicht no iwert de' lectio'n, de' eis den directer Koener a séng zwe'n arbechter gin hun: Ge'w se dach ni vergiéss gin! Du arbechter, an du chef, halt iéch de' drei hei virun aen. So' we' si zesummen hirt liéwe gin hun, eso' sollt dir och zesummen èrt wirken a bridderlecher énegkét verbréngen: Als kanner vun engem land. Er arbecht, de' matt der fauscht an de' mam kapp, se dingt dach nëmmen derselwechter hémecht an hire kanner, dat èr kanner sin...

Et bleiwt nach ze soen, datt no engem klengen iéssen de' ausläännesch delegatio'nen zesumme matt de Schëfflenger leidd enger guddréüsse'erter soirée beigewunnt hun, de' a lidder, virdrég a sketchen biller vun déne vergângene jore bruecht huet. Et kann én se net all ervirhiéwen, de' den owend geholleí hu versche'neren. Net nëmmen den hèr Venant Pauké an d'madame Friob hate begéschterten applaus, mé och de' aner jofferen an hèren haten sech hire succès wuel verdingt. An de' Schëfflenger Unio'n kann én zu déne sche'ne feierlechkéten nëmme félicite'eren.